N°3143
Entrée le 31.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

D'*Wort* beriicht an engem Artikel vum 28ten Oktober doriwwer, datt Microsoft Teams eng nei Funktioun aféiert, déi automatesch erkennt, a wéi engem WIFI-Netzwierk eng Persoun ageloggt ass an domadder de Standuert präisgëtt.

*Künftig will das Softwareunternehmen eine neue Ortungsfunktion einführen, die erfasst, ob der jeweilige Mitarbeiter im WLAN-Netzwerk des Unternehmens eingeloggt ist oder nicht. „Wenn Benutzer eine Verbindung zum WLAN ihrer Organisation herstellen, kann Teams ihren Arbeitsort bald automatisch aktualisieren, um das Gebäude anzuzeigen, in dem sie arbeiten. Diese Funktion ist standardmäßig deaktiviert. Mandantenadministratoren entscheiden, ob sie aktiviert werden soll, und verlangen von Endbenutzern die Zustimmung."*

D'Funktioun ass fir Firmenzwecker geduecht, wat scho bedenklech ass am Hibléck op den Dateschutz an permanenter Iwwerwaachung. Mee och an eise Schoulen setzt de Bildungsministère op den Asaz vu Microsoft Teams.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert de Bildungsministère dës nei Iwwerwaachungsfunktionalitéit op Teams blockéieren fir d'Privatsphär vu Schüler:innen, Enseignanten an de Mataarbechter ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3143 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Wäert de Bildungsministère dës nei Iwwerwaachungsfunktionalitéit op Teams blockéieren fir d'Privatsphär vu Schüler:innen, Enseignanten an de Mataarbechter ze schützen?**

   Den Educatiounsministere wäert dës nei WIFI-baséiert Aarbechtsstanduert-Erkennung am Kontext vun de Schoulen net aktivéieren, soulaang net assuréiert ass, datt d'Privatsphär vu Schüler, Enseignanten an dem Schoulpersonal voll respektéiert gëtt. D'Funktioun ass *de facto* inaktiv, well se standardméisseg ausgeschalt ass, perséinlech Zoustëmmung verlaangt an am Schoul-Tenant net konfiguréiert ass.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH